



 SCOUTING IN
LUXEMBOURG



EUROPEAN
JAMBOREE 2020
POLSKA  

LUXEMBOURGISH CONTINGENT

NEWSLETTER 2 – LËTZEBUERGESH VERSIOUN



INHALT

GEBRAUCHSUWEISUNG FIR DESEN 2.NEWSLETTER	3
LOGO VUM CONTINGENT	3
WEI MELLE ECH MECH UN?	4
WEIVILL KASCHT ET ?	6
WEINI SINN D' DÉLAISEN ?	7
ANER FROEN ?	8
KONTAKTER VUM CONTINGENT	10



GEBRAUCHSUWEISUNG FIR DESEN 2.NEWSLETTER

Moien,

Eise lëtzebuenger Contingent wísst lues a lues. Et ass awer nach Zäit sech eis unzeschléissen fir des eenzegaarteg Geleeënheet net ze verpassen.

Mat dësem zweeten Newsletter wëlle mer iech engersäits en puer nei Informatiounen iwwert den Eurojam 2020 ginn an anerersäits ass et en Rappell mat den Infoen déi schon am eischten Newsletter stoungen.

Hei kritt der eng genau Erklärung zu de verschiddene Präisser, den Délaisen an deenen ee bezuelen muss a wei een sech aschreift.

Des weidere kritt der e puer Äntwerten op allgemeng Froen, déi mir an dene leschte Méint gestallt kruten.

Fir de lëtzebuenger Contingent,
Ären CMT.

LOGO VUM CONTINGENT

MIR SICHEN E LOGO FIR EISE CONTINGENT

SCHECKT EIS ÄR SCHEINSTEN IDDIEN

De lëtzebuenger Contingent sicht e Logo fir den Eurojam, deen 2020 a Polen stattfënnt.

Hei e puer Elementer, déi am Logo musse virkommen

- Grafesch Elementer vum Eurojam (den offizielle Logo, d'Schrëft)
- « European Jamboree 2020 »
- De Logo vu Scouting in Luxembourg oder just « Scouting in Luxembourg » dra schreiwen
- « Luxembourg » oder «Lëtzebuerg »
- Maximum 6 Faarwen

Dëse Logo soll fir folgend Saache benotzt ginn:

- All méiglech Dokumenter vum Contingent
- Internetsite a sozial Netzwierker vum Contingent
- Gadgete vum Contingent

Schéckt eis är Entwurf op ej2020@sil.lu **bis den 1. September 2019**. Dir kennt eis et a Form vun engem Dokument an der bescht méiglecher Qualitéit (AI, JPEG, PNG, PDF) oder als Foto vun der Zeechnung schécken. Mir probéieren et dann sou gutt wei méiglech ëmzesetzen.

Hei kennt der déi offiziell Logoe vum Jamboree eroflueden [Europeen Jamboree 2020 logo](#)



WEI MËLLEN ECH MECH UN?

Hei fannt der eng genau Erklärung wéi der iech kënnt fir mam lëtzebuerger Contingent fir den nächsten europäesche Jamboree aschreiwen

ECH SINN D'KONTAKTPERSOUN AUS MENGEM GRUPP



- Kontrolléieren**
- Ech sinn aktive Member an engem LGS oder FNEL's Grupp
 - Ech hunn op mannst 18 Joer
 - Ech kann (eventuell) sëlwer mat op den Eurojam goen
 - Ech sinn (eventuell) de Gruppchef oder en aneren Erwuessenen Chef, deen dës Aufgab iwwerhëlt
 - Ech sinn disponibel während den Aschreiwunge vun de Memberen aus mengem Grupp

- Responsabilitéiten**
- Ech stellen den direkte Kontakt tëschent mengem Grupp an dem CMT hier
 - Ech sinn dofir responsabel, all Informatiounen iwwert den Eurojam u mäi Grupp weider ze leeden
 - Ech maachen Reklamm fir den Eurojam a mengem Grupp
 - Ech sinn responsabel fir d'Daten ze sammelen vun deene Persounen, déi sech fir den Jamboree aschreiwen

- Aufgaben**
- Ech géiere all d'Aschreiwunge vu mengem Grupp op der Internetseit vum Contingent
 - Ech informéieren de CMT am Fall vun Ännerungen an den Aschreiwungen
 - Ech sammeln d'Froe vu mengem Memberen a ginn dës weider un de CMT
 - Ech suergen dofir, dass meng Memberen d'Acompten zur Zäit iwwerweisen

ECH WELL MECH ALS PARTICIPANT UMELLEN



- Kontrolléieren**
- Ech sinn aktive Member an engem LGS oder FNEL's Grupp
 - Ech sinn tëschent dem 26 Juli 2002 an dem 26 Juli 2006 gebuer

- Aschreiwen**
- Ech froe mäin Chef/d'Kontaktpersoun aus mengem Grupp fir mech am System anzedroen (och wann ech deen eenzege Participant aus mengem Grupp sinn)
 - Ech ginn him déi néideg Informatiounen

- Bezuelen**
- Ech iwwerweisen den Acompte u mäin Grupp, deen en da weider un de Contingent iwwerweist



ECH WELL MECH ALS CHEF UMELLEN

Kontrolléieren

- Ech sinn aktive Member an engem LGS oder FNEL's Grupp
- Ech hunn 18 Joer oder méi am Ufank vum Jamboree
- Ech hunn eng aktuell Cheffformatioun
- Ech schwätzen Englesch (vu Virdeel)

Aschreiwen

- Ech froe mäin Chef/d'Kontaktpersoun aus mengem Grupp fir mech am System anzedroen
- Ech ginn him déi néideg Informatiounen

Bezuelen

- Ech iwverweisen den Acompte u mäin Grupp, deen en dann weider un de Contingent iwverweist

WICHTEG :

D'Unzuel u Cheffplazen hänkt vun der Unzuel u Participanten of, déi matginn. Et ass 1 Chef fir 9 Participanten.

ECH WELL MECH ALS IST UMELLEN

Kontrolléieren

- Ech sinn aktive Member an engem LGS oder FNEL's Grupp
- Ech hunn 18 Joer oder méi am Ufank vum Jamboree
- Ech schwätze gutt Englesch
- Ech si flexibel a bereet all méiglech Aarbecht ze iwverhuelen an dëst och zu verschidden Zäiten am Dag

Aschreiwen

- Ech froe mäin Chef/d'Kontaktpersoun aus mengem Grupp fir mech am System anzedroen
- Ech ginn him déi néideg Informatiounen

Bezuelen

- Ech iwverweisen den Accompte u mäin Grupp, deen en dann weider un de Contingent iwverweist



4. WEIVILL KASCHT ET?

Hei fannt dir eng Iwwersiicht iwwert déi verschidde Präisser fir den Eurojam 2020.

PRAISSER FIR PARTICIPANTEN, CHEFFEN AN IST

Katégorie	Präiss (estimatif)	Am Präiss mat abegraff :
Participant	850€ – 1000€	<ul style="list-style-type: none"> • Den Jamboree 2020 • De Programm an all d'Aktivitéiten um Eurojam • lessen an Drénken um Jamboree • Kit vum Participant vum Jamboree • d'Gadgeten vum lëtzebuenger Contingent • medezinesch Versuergung um Jamboree • e Preparatiounsweekend • eng Assurance vum Contingent • den Transport Aller-Retour vu Lëtzebuerg op Gdansk
Chef	850€ – 1000€	<ul style="list-style-type: none"> • Den Jamboree 2020 • De Programm an all d'Aktivitéiten um Eurojam • lessen an Drénken um Jamboree • Kit vum Chef vum Jamboree • d'Gadgeten vum lëtzebuenger Contingent • medezinesch Versuergung um Jamboree • e Preparatiounsweekend • eng Assurance vum Contingent • den Transport Aller-Retour vu Lëtzebuerg op Gdansk
IST*	400€ – 600€	<ul style="list-style-type: none"> • Eng Preparatioun um Jamboree selwer • De Programm an Aktivitéiten um Eurojam • lessen an Drénken um Jamboree • Kit vum IST vum Jamboree • d'Gadgeten vum lëtzebuenger Contingent • medezinesch Versuergung um Jamboree • e Preparatiounsweekend • eng Assurance vum Contingent

* WICHTEG:

Am Präis fir d'ISTen ass den Aller-Retour net mat abegraff! D'ISTen hëllef beim Op- an Ofriichte vum Camp. Si mussen de **25. Juli um Camp ukommen a bléiwe bis den 8. August 2020.** Dës Datumer kënnen nach änneren, dës ass dovun ofhängeg, wéi eng Aufgaben d'ISTen wielen. Si fieren also net mam Rescht vum Contingent zesummen a mussen dofir hiren Transport selwer organisieren.

D'ISTen, déi aus engem anere Land wéi Lëtzebuerg wellen ureesen (z.B. vun der Uni aus) kënnen dës natierlech maachen, si mussen just dem CMT Bescheid soen.

Den CMT stellt awer en Kontakt tëschent all den ISTen hier, fir dass den Transport kann zesummen organiséiert ginn.

5. WEINI SINN D'DÉLAISEN?

DÉLAIS FIR D'ASCHREIWUNG :

Hei fannt der eng Tabell mat den Aschreibungsdélaisen:

Katégorie	Ufank vun den Aschreibungen	Schluss vun den Aschreibungen
Participant	15. Februar 2019	15. Juli 2019
Chef	15. Februar 2019	15. Juli 2019
IST	15. Februar 2019	31. Oktober 2019

DÉLAIS FIR ZE IWERWEISEN:

Mir hunn d'Délaisen par Rapport zum éischten Newsletter liicht verännert. Hei fannt der eng aktualiséiert Tabell mat den Datumer, déi ee soll anhalen:

Tranches	Iwwerweisen bis den	Montant
1. Acompte	Bei der Aschreibung	100€* fir all Mënsch
2. Acompte	Bis den 31. August 2019	500€ fir Participanten a Cheffen
	Bis den 30. November 2019	250 € fir ISTen
3. Acompte	Bis den 29. Februar 2020	Nach net festgesaat

* WICHTEG:

Dir sidd eréischt ageschriwwen, wann den éischten Acompte bezuelt ass. Dësen ass definitiv an net rembourséierbar.

IWWERWEISUNG

De gesamten Acompte muss vum Grupp un de Konto vum Lëtzebuerger Contingent iwwerwise ginn. Eng Rechnung an d'Bankdate ginn no der Aschreibung per Mail un d'Kontaktpersoun aus dem jeeweilegen Grupp geschéckt.



6. WEIDER FROEN?

WEINI ASS DE PREPARATIOWNSWEEKEND ?

De Preparatiownsweekend fënnt fir all Participant, Chef an IST den 9-10 Mee 2020 am Neihaischen statt.

WEI MAACHEN ECH REKLAMM A MENGEM GRUPP?

Hei fannt der all eis Dokumenter (Powerpoint, Flyeren, Newsletter) : <https://ej2020.sil.lu/downloads/>

Als Contingent si mir iwwert eis eege Weeër präsent (Internetsäit, Facebook, Instagram). Wann dir sëlwer eppes iwwert den Eurojam post, kënt der eis gären dra markéieren an den Hashtag #ej2020lu benotzen.

SINN AKTIVITEITE VIRGESINN, FIR GELD ZE SAMMELEN?

Nee, de lëtzebuerger Contingent organiséiert näischt fir dësen Zweck. Mee mir encouragéieren all Iddi an Aktioun déi zum Finanzement vun de Membere bäidréit. Dës kënnen souwuel vun eenzel Persounen, wéi och vum ganze Grupp organiséiert ginn.

ASS ET MEIGLECH ENG REDUKTIOUN ODER UGEPASSTEN DELAISE FIR ZE BEZUELEN ZE KREIEN?

Am Moment kenne mir keng Reduktioun erméiglechen. Am Fall wou et schwierig ass, d'Acompte rechtzäiteg ze bezuelen, siche mer eng gemeinsam Léisung. Mir kennen d'Delaise vun den Acompte an eenzelen Fäll upassen. Et kann ee probéieren eng finanziell Ënnerstëtzung iwwert de „Fond de solidarité européen de l'Erasmus+“ ze kréien, hei gëtt et awer keng Garantie, dass dësen accordéiert gëtt.

ASS ET MEIGLECH, JONKER MAT ENGER BEHENNERUNG ANZESCHREIWEN?

Jo, dëst ass méiglech. An dem Fall gëtt eng Patrull mat 8 Participanten an 2 Cheffe gebilt, fir dass dee Participant e Chef als Begleedung dobäi huet.

KANN ECH DEN JAMBOREE ALS ELTEREN BESICHEN ?

Jo, et ginn « Visiteurs Deeg » um Jamboree, dës ginn awer net vum lëtzebuerger Contingent mee vun dem Organisatiounsteam vum Eurojam sëlwer organiséiert. Dofir muss ee sech direkt un si wende fir eng Visitt ze reservéieren. D'Visiteuren hunn keen Accès op all d'Beräicher vum Site an et ka virkommen, dass äert Kand den Dag vun der Visitt eng Aktivitéit ausserhalb vum Site huet.

SINN DEIEREN UM JAMBOREE ERLAABT?

Nee, dir kennt är Hausdéieren net mathuelen, Deiere sinn um Site vum Jamboree verbueden.



GETT ET ENG CRECHE FIR MENG KANNER ZE VERSUERGEN?

Jo, et gett eng « Campcrèche » awer just fir d’Kanner vum CMT. Dës Crèche ass fir Kanner bis 13 Joer.

MAACHEN D’ISTEN NÄISCHT ANESCHT EWEI SCHAFFEN ?

D’ISTen schaffen a Patrullen (international) mee hunn och d’Recht op e Programm mat Aktivitéiten an op Fräizäit. Sou ass den Jamboree och fir d’ISTen eng gutt Geleeënheet néi Leit kennen ze léieren a flott Saachen ze erliewen. Et ginn Eventer an Aktivitéite just fir d’ISTen. D’Erfahrung als IST dréit sech ronderëm folgend 3 Beschäftegungen : d’Aarbecht, Aktivitéiten an der Fräizäit (raschten, néi Leit kenneléieren, aner Beschäftegungen) an d’Aventure.

D’ISTen hunn d’Geleeënheet op eng flott a beräicherend Erfahrung.

WEI SINN ECH VERSECHERT ?

Als Member vun den LGS an der FNEL bass du automatesch mat enger Haftpflicht a „Personenschadensversicherung“ verséichert. Dës Assurance gëllt natierlech och fir den Jamboree. All Participant ass fir seng eege Saachen, déi e mat op de Camp hëlt, responsabel.

D’Organisatioun vum Jamboree iwwerhëlt keng Responsabilitéit bei selwer verschëlden Accidenter, déi während dem Camp geschéien.

WAT SINN D’ KONDITIOUNEN FIR D’ANNULATIOUN ?

All Annulatioun muss sou séier wei méiglech u folgend Adress geschéckt ginn : ej2020@sil.lu

Am Fall wou en seng Aschreiwung annulléiert gi méiglech Remboursementer vu Fall zu Fall beschwat, ofhängeg vum jeeweilegen Zäitpunkt.

D’Organisatioun vum Jamboree ass net responsabel dofir, wann de Camp duerch folgend Grënn ofgesot oder fréizäiteg ofgebrach gëtt: Reesverbuet vum Ausseministère, Annulatioun vum Camp duerch d’Polnesch Organisatioun... An deene Fäll kann d’Geld vum Camp net zeréck bezuelt ginn.

7. KONTAKTER VUM CONTINGENT

All wichteg Informatiounen iwwert den lëtzebuenger Contingent (Neiegkeeten, Downloads, CMT an Kontaktdaten) an iwwert den Jamboree 2020 fannt dir op eise Internetsite:

<https://ej2020.sil.lu>

Dir fannt eis och op Facebook : <https://www.facebook.com/ej2020lu/>

An op Instagram: <https://www.instagram.com/ej2020lu/>

Bei weideren Froen zeckt net eis eng Mail ze schécken: ej2020@sil.lu

#ej2020lu
#ej2020
#europeanjamboree2020
#scoutsandguidesACT

